

Kleng Courtieren hunn et net einfach zu Lëtzebuerg

RTL - 24.09.2012, 07:30 | Fir d'lescht aktualiséiert: 24.09.2012, 08:34 | [3 Commentaire\(n\)](#)

Si siche fir een déi beschten Assurance oder vergläichen d'Präisser an d'Leeschungen, sou wéi een et gären hätt. Rieds geet vun de Courtieren.



Am Ausland ass et op ville Plazen normal iwwert si ze fueren, wann een eng Assurance brauch, mä hei am Land leeft et anescht. D'Agenten dominéieren. Den Assurance-Secteur ass protegéiert, hat de Konsumenteschutz kritiséiert an och d'Chambre de Commerce.

Zwee nei Gesetzsprojete maachen de Courtieren d'Saach elo nach méi schwéier. Mat den neie Bestëmmunge riskéiere besonnesch déi kleng Courtiere mussen zouzespären, well si déi Zousazkäschen net kënnen droen.

Gesäit esou e fräie Marché aus? D'Fro un den Edouard Georges, deen zanter 2009 als

Courtier schafft, ob een d'Courtieren iwwerhaupt wëll hunn hei am Land? Dat wier historesch bedéngt, datt hei 2 grouss Assurance-Gesellschaften dominéiert hunn, an dat besonnesch iwwer d'Agententum. De Courtage gouf et fréier net. Réischt zënter 30 Joer faasst dee lues a lues Fouss zu Lëtzebuerg.

Agente ginn et den Ament 9.400, dovunner schaffen awer nëmmen 2,5% haaptberufflech an där Professioun. Am Verglach dozou ginn et eng 143 Courtieren. Besonnesch déi kleng, déi net encaisséieren, mä just vun de Primé liewen, kënnen esou net weider existéieren.

Recommend 7

Tweet 0

0

[E-Mail schécken](#)

[Printen](#)

LINKEN

[AUDIO: De Reportage vum Carine Lemmer \(24/09/2012 - 7h30\) \(http://streaming.newmedia.lu/radio/archiv/iles/1eee42f5c3aa684b63659e3d7a236acc.wma\)](#)

THEMEN

[National](#)
(<http://news.rtl.lu/news/national>)

WEIDER ARTIKLEN

26. Sep 18:11

[Manif Rentereform: LCGB de 16. Oktober eleng zu Nidderaanwen](#)
(</news/national/320089.html>)

26. Sep 18:01

[Zeienopruff: Iwwerfall op eng Fra zu Fréiseng vum 26. August](#)
(</news/national/320077.html>)

26. Sep 18:30

[3 Handyprovider: Funklächer si keng Iwwerlaaschtung vum Netz](#)
(</news/national/320027.html>)

26. Sep 18:00

[Info-Campagne fir Portugiesen déi op Lëtzebuerg kommen](#)
(</news/national/320011.html>)

26. Sep 16:36

[Parquet: Beamte géint Finanzkriminalitéit 2011 vill ze dinn](#)
(</news/national/319997.html>)

Recommend 7

Tweet 0

0

[E-Mail schécken](#)

[Printen](#)

Äre Commentaire

El_Mero_Mero (2012-09-24 12:30:50)

1 0

Et gi vill zevill schwaarz Schoof an där branche. Ee gudden Agent ass duerch näischt ze ersetzen.

de_schiwi (2012-09-24 10:43:29)

1 0

Vir Faierversicherung an d'Haftplicht hun ech keen Agent falls ech Eppes brauch wenden ech mech direkt un d'Assurance.

Marie Curie (2012-09-24 09:19:46)

6 0

Dat ass jo normal. Eis Assurance hunn et jo fäerdegbruecht, fir d'Gesetz esou gebroden ze kréien, dass si als Eenzeg dierfe bei d'Leit heem hauséiere goen. All anere Branche däerf dat net.